



Informationnsblatt vun der Gemeng Hiefeneck



2/2013



***Mir wënschen iech all
eng schéi Vakanz***



Gemeinderat / Conseil Communal

Bürgermeister / Bourgmestre :

Guy SCHILTZ

Tel.: 621 / 49 70 11
E-mail: schiltzw@pt.lu

Schöffenrat / Collège échevinal:

Henri KAUFFMANN

Tel.: 691 / 86 87 88
E-mail: hengkauffmann@pt.lu

John RACH

Tel.: 691 / 31 77 54
E-mail: johnrach@yahoo.de

Gemeinderäte / Conseillers communaux:

Arlette SCHANTZEN

Tel.: 87 84 72
E-mail: arvemja@pt.lu

Nicolas KAISER

Tel.: 83 71 11
E-mail: nicokaiser@hotmail.com

Jacques KRECKÉ

Tel.: 691 / 27 28 53
E-mail: krecke@pt.lu

André SCHOELLEN

E-mail: aschoell@pt.lu

Sanny MOSCHETTI-WETZ

Tel.: 691 / 43 15 14
E-mail: moschetm@pt.lu

Jean SCHWARTZ

Tel.: 691 / 87 86 65
E-mail: j.schwartz@tango.lu

Öffnungszeiten / Heures d'ouverture

Sekretariat / Secrétariat:

Gilles SCHULER

Tel.: 83 71 68 250 / Fax: 87 97 54 / E-mail: gilles.schuler@heffingen.lu

Montag / Lundi:

Geschlossen/Fermé / 13.00-17.00 Uhr/heures

Dienstag / Mardi:

7.00-12.00 und/et 13.00-17.00 Uhr/heures

Mittwoch / Mercredi

8.00-12.00 und/et 13.00-17.00 Uhr/heures

Donnerstag / Jeudi:

8.00-12.00 und/et 13.00-19.00 Uhr/heures

Freitag / Vendredi:

7.00-12.00 Uhr/heures / Geschlossen/Fermé

Einnehmer / Receveur:

Pierre BODÉ

Tel.: 83 71 68 25

E-mail: pierre.bode@heffingen.lu

Montag / Lundi: Geschlossen/Fermé

Dienstag-Freitag / Mardi-Vendredi: 8.00-12.00 Uhr/heures

Technischer Dienst / Service Technique:

Ady REICHLING

Tel.: 83 71 68 253
GSM: 621/27 15 88

E-mail: ady.reichling@heffingen.lu

Montag / Lundi :Geschlossen/Fermé / 14.00-17.00 Uhr/heures

Dienstag / Mardi: 14.00-17.00 Uhr/heures

Donnerstag / Jeudi: 8.00-12.00 und/et 14.00-17.00 Uhr/heures

Werkstatt / Atelier:

Tel.: 621 / 29 14 04

www.heffingen.lu

Veräiner an der Gemeng

Fraën a Mammen	Schwartz Ronny	34, um Beschelchen	L-7670 Reiland
Chorale Ste Cécile	Colbach Jean	3, um Haff	L-7650 Hiefenech
Pompjeeën Hiefenech-Reiland	Weis Lucien	20, Wantergaass	L-7670 Reiland
Amicale Hiefenech Pompjeeën	Hoffmann Nic	48, um Béil	L-7653 Hiefenech
Amicale Reilander Pompjeeën	Borschette Pierre	24, um Beschelchen	L-7670 Reiland
CDJ Hiefenech	Seiler Lee	8, um Béil	L-7653 Hiefenech
Amiperas	Winckel-Biewer Régine	47, um Béil	L-7653 Hiefenech
DT ADAS Reiland	Beaume Marcel	11, op der Strooss	L-7670 Reiland
BBC US Hiefenech	Seiler Romain	8, um Béil	L-7653 Hiefenech
Hiefenecher Big Band	Neuman Gaston	1, Stenkel	L-7652 Hiefenech
Frënn vun Csókakő	Schiltz Guy	47, um Béil	L-7653 Hiefenech
Harry Potter Fan Club	Schwartz Nadine	34, um Bëschelchen	L-7670 Reiland
MINISTRARE	Peters Lucia	12, Benzelsgaass	L-7651 Hiefenech

Dir fannt déi Hiefenecher Gemeng och op



2. Informationsblad fir 2013

Dës Ausgab gouf zesummegegestalt vun de:

Memberen vun der Zeitungs- an Internetkommissioun:

Arlette Schantzen, Nico Hendriks, Jean Schwartz, Guy Schiltz

an der Zesummenaarbecht mam:

Gilles Schuler, John Rach, Martine Sins

Dréckerei: Faber

Nächst Äusgab: Oktober 2013



Gemeinderatssitzung vom 10. Juni 2013

Anwesend: *Schiltz Guy, Bürgermeister*
Kauffmann Henri und Rach John, Schöffen
Schantzen Arlette, Kaiser Nico, Krecké Jacques, Schoellen André, Moschetti-Wetz Sanny und
Schwartz Jean, Gemeinderäte

1. Ernennung einer zusätzlichen Lehrkraft für die Grundschule in Heffingen

Nach geheimer Abstimmung erhält keiner der 2 Kandidaten die erforderliche Mehrheit und demzufolge wird die Stelle erneut ausgeschrieben. Die Besetzung der freien Stelle erfolgt alsdann durch das Bildungsministerium.

2. Genehmigung der Schulorganisation 2013/14

Die Schulorganisation für das Schuljahr 2013/2014 wird einstimmig genehmigt. Die Aufteilung der Klassen sieht wie folgt aus:

Cycle 1,1: 18 Kinder, Lehrerin: Sandra Hoffmann-Giver; Erzieherin: Christiane Goerend
Cycle 1,2: 16 Kinder; Lehrerin: Conny Dimmer
Cycle 1,2: 16 Kinder, Lehrerin: Sandra Bintener
Cycle 2,1: 18 Kinder, Lehrerin: Nadine Emering
Cycle 2,2: 12 Kinder, Lehrerin: Danielle Diederich
Cycle 2,2: 13 Kinder, Lehrerin: Joëlle Steil
Cycle 3,1: 11 Kinder, Lehrer: Pierre-Paul Grün
Cycle 3,2: 15 Kinder, Lehrer: Michèle Jungbluth
Cycle 4,1: 9 Kinder, Lehrerin: Jessica Wohlfarth
Cycle 4,2: 10 Kinder, Lehrerin: Tanja Reiter

3. Genehmigung des „plan d'encadrement périscolaire“

Der Gemeinderat genehmigt ebenfalls einstimmig den „plan d'encadrement périscolaire“ welcher die Betreuung während und vor allem ausserhalb der eigentlichen Schulstunden festlegt.

4. Aufschiebung betreffend der definitiven Fertigstellung des Bebauungsplans der Gemeinde Heffingen

Gemäß Rundschreiben vom Innenministerium beschließt der Gemeinderat einstimmig einen Aufschiebung von 2 Jahren bei demselben anzufragen zwecks definitiver Fertigstellung des umgeänderten Bebauungsplans der Gemeinde Heffingen.

5. Einschreibungsgebühren der Musikschule Larochette

Einstimmig gutgeheißen werden die Einschreibungsgebühren für die Musikschule in Larochette:


- Initiation à la musique: 35€
- Solfège: 65€ (Erwachsene: 130€)
- Instrument: 115€ (Erwachsene: 230€)

Veröffentlichung von Gemeindereglementen

Gemeinderatssitzung	Betreff	Genehmigung durch den Innenminister
17.12.2012	Neufestsetzung der Müllabfuhrgebühren inklusive Sperrmüll ab 1.1.2013: • Mülltonne , 80 Liter: 222.-€ • Mülltonne, 120 Liter : 312.-€ • Mülltonne, 240 Liter : 522.-€ • Müllsack : 3,60.-€	22.02.2013



Nationalen Feierdag





Mëllerdallbank

Am Kader vum Bëschprojet vum RIM, ass och ee neie Design fir eng Bänk, eng Sëtzgarnitur an eng Liegebänk fir de Mëllerdall gesicht ginn. Insgesamt waren 35 Ideeën eragescheckt ginn.

Eng 8-käppeg Jury huet dunn hiert Urdeel iwwer Funktionalitéit, praktesch Ëmsetzung, Präis-Leeschting an Gesamtdesign ofginn.

Gewonnen huet de Jean-Claude Welter, viru Perry Arrendsdorff / Manou Ney, an op 3ter Plaz Manu Maas / Mich Pesch / Rick Hirt / Daniel Steichen



1.

2. an

3. Plaz





KOMMUNIOUN





Gemeng Hiefenech Kommissioun vum 3. Alter



De Club Uelzechtdall bitt all Mëttwoch's zu Luerenzweiler ee Mët-
tegiessen un. Déi Méiglechkeet hun d'Awunner vun de Gemengen déi
Member am Seniore Club sinn.

Nom groussen Erfolleg wou mir onse Bierger Méiglechkeet ginn hun
dësen Service kennen ze léieren, bidde mir iech och um
Summerprogramm Méiglechkeet un, um Mëttesdësch am Uelzechtdall
deelzehuelen.

Als Datum proposéiere mir:

Am August ass kee Mëttesdësch am Uelzechtdall

Mëttwoch's den 04. September 2013

Um Menu steet den Dag, gefüllten Tomaten mat Gehacktes a Nuddelen
(Umeldungen gi bis den 28. August bäim Gemengesekretär)

Mëttwoch's den 25. September 2013

Um Menu steet den Dag, Liewerkéis mat Gromprenzalot
(Umeldungen gi bis den 18. September bäim Gemengesekretär)

De Präis vum Menu ass **12.- €** fir eng Entrée, Haaptplat an Dessert

Mir kënnen maximal 09 Leit mathuelen, dofir mellet iech un déi éischt
si vir.

Fir den Transport suert Gemeng. Mir kommen iech um 11:15 Auer
bäi d'Hausdir ofhuelen a bréngen iech nom Iessen direkt erëm Heem.

Méindes den 30. September 2013 ass zu Schouss am Kultur-Center ee
Karibischen Owend, do kacht de Clément Spezialitéiten aus sengem
Land, den Antillen.

Och dohinner fuere mir mam Minibus vun der Gemeng.

Mellet iech bäim Gemengesekretär un, mir informéieren déijéineg déi sech
ugemellt hun iwwer d'Auerzäit an de genaue Programm





eis
lokal
veräin
stelle
sech
fir




Mir stellen ons vir

Gegrënnt ginn ass den DT ADAS Reiland den 1te Januar 1970.

Dat selwecht Joer och affiliéiert an d'FLTT. Am éischte Joer hate mir eng 20 Memberen, haut hu mir därer ronn 50.

Déi vergaange Saison hu mir mat 10 Mannschaften un der Meeschterschaft deelgeholl, 5 Seniorsequippen, 3 Cadets an 2 Minimes. Ausserdeem hate mir 6 Equippen, déi um Jugendchampionnat deelgeholl hunn. Ons beschte Resultater waren: de Vize-Landesmeeschter bei de Cadetën, an een Divisiounsmeeschter bei de Minimes. Ausserdeem si nach 2 vun onse Seniorsequippe gestijen. Am ganzen hu mir u ronn 300 Meeschterschaftsmatcher deelgeholl.



*Ons Cadetën.
Vize-Landes-
Meeschter 2013*

Mir hunn 2x pro Woch Training, dee vum Mike Kraus ofgehal gëtt. De Mike spillt selwer an der A-Equippe vum DT Recken, mat deer de Mike 2012 ganz knapp de Championstitel géint lechternach net gewonnen huet. Sou e gudde Spiller als Trainer motivéiert, a sou hu mir eng dach relativ héich Trainingsbedeelegung vu ronn 25 Spiller pro Seance.

Ons haapt Devise ass: ee konsequenten Opbau vun de Jugendspiller, an déi beschten Ënnerstetzung fir ons Seniorsequippen. Dës Ziel erreeche mir duerch 2 Fakten:

- 1) all ons Memberen, bis op 4, sinn aus onser Gemeng, an
- 2) un der Spëtz vum Veräin steet ee Comitée, dee sech voll fir de Veräin aasetzt, an aus enger gesonder Altersmëschung besteet. Sou hu mir nach ee Member am Comitée, dee quasi vun Ufank un am Veräin ass, d'Prims Mett. Dann hu mir 4 Comitéesmembere 45+, de Marcel Beaume, Prääsident, Jang Schwartz, Vize-prääsident, Paul Reuter, Caissier a Spiller, an de Fred Lachambre, Member a Spiller. Ausserdeem nach 4 Membere 30-, d'Claudine Gloden, Sekretär a Spiller, de Pascal Gloden, Member a Spiller, de Laurent Beaume, Member a Spiller, an den Thierry Raach, Member a Spiller.



Seit 2 Joer organiséiere mir ee Jugendturnéier, an am nächste Joer kombinéiere mir deem nach mat mengem Seniorstournoi.

Ons Equippen huelen och regelméisseg um Sportsdag deel, dee vun der Jugend– a Sportskommissioun am September organiséiert gëtt.

Um kulturelle Plang organiséiere mir all Joer um 1ten Augustweekend dat Reilander Duerffest, den Hämmelsmarsch fir d'Reilander Kiermes, an ee Lëtzebuerger Owend.



D'Reilander Amicale

Sali

Hei e bëssen iwwert déi Reilander Amicale

Wéi Decisioun geholl ginn ass, fir déi Hiefenecher a Reilander Pompjeeën ze fusionéiere, sinn eng Partie froen op den Dësch komm. Fir deene Froen aus de Féiss ze goen, an och déi Saach mat de Keesen ze klären, ass decidéiert ginn, fir fir all Veräin eng Amicale ze grënne .

Dës Amicallen hunn allen zwou ee Beitrag un de neie Veräin gespent, fir sou dem neie Veräin eng Starthëllef ze ginn. Sou ze soen ass d'Amicale ee Veräin vun deenen Aalen, an awer och vun deenen zur Zäit aktive Pompjeeën, déi sech esou nach heiansdo zesummendin, a bei engem flotten lessen oder enger schéiner Aktivitéit e puer flott Stonnen oder Deeg zesummen ze verbréngen!

Wat awer nach vill méi wichteg ass, ass dass d'Amicale am Fong och do ass fir d'Pompjeeën bei engem finanziellen Investissement ze ënnerstëtzen, an natierlech och eppes beizeelen! Net ze vergiessen ass dass d'Memberen vun den Amicallen och all Joer sech et net huele loosse, fir op de Fester eng Hand mat unzepake, fir dass och dei Deeg en Erfollëg ginn .

Dat war et am Fong, vill méi ze zielen get et do net, a Fotoen hu mir leider och keng !

Merci villmools, a bei Froen einfach bei mir oder beim Borschette Pierre nofroen

Merci a BG

Seiler Jerome



Retrospektiv op d'Saison 2012-2013 BBC US Hiefenech

An der Spillzäit 2012/2013 ass et der A-Ekipp vum lokale Basketveräi gelongen aus der National 2 an déi ierwegt Liga (TOTAL-League) vum Lëtzebuerger Basket opzesteigen, dëst no engem impressionante Parcours, wou insgesamt 27 vun 28 Mätscher gewonne goufen. Ervirehiewe bleift de Fait, datt weder Amerikaner nach Trainer am Laf vun der Saison gewiesselt goufen, a praktesch exklusiv matt Jonge gespillt ginn ass, déi d'Basket-ABC hei am Veräi geleiert hunn.

Awer och d'Reserven-Ekipp huet de Sprong an d'1. Divisioun gepackt, eng Leeschtung déi virun der Saison keen hinne zougetraut hätt. Respekt Jongen.



Erfreelech gëtt et och vun der Dammenekipp ze vermellen, déi den Opstieg zwar verpasst hunn, dofir awer d'Coupe FLBB matt op Hiefenech bruecht hunn, dëst no engem Finall-Erfolleg an der Coque géint d'Meedercher aus dem Kayldall.

Pech hat eis Cadetekipp souwuel am Championnat ewéi an der Coupe, wou jeeeweils eng 2. Plaz erausgesprongen as. Bleift ervirzesträichen datt 3 Spiller aus der Ekipp d'Lëtzebuerger Faarwe bei der U18-Europameeschterschaft vertrieden.

Eis Scolaires si matt diene Fielser zesummen ugetrueden an hunn anstänneg Resultater opzeweisen.

Awer och bei de Prépoussins a Poussins resp Poussinnes, wou de Spaass am Virdergrond steet, si vill Erfolleger ze vermellen. Hei gëtt de Grondstee geluecht fir esou munch grouss Baskettskarrier. E grouse Merci un déi Leit déi sech hei benevol zur Verfügung stelle fir datt d'Encadrement ëmmer besser klappt. Jiddwereen ass wëllkomm fir hei matzespillen resp. eng Hand matt unzepake (Kontaktpersoun: J Krecke).

Surft eng Keier op der Homepage: www.usheffingen.lu laanscht, do fannt der all Wessenswertes iwwert de lokale Basketveräin.

E klengen Ausbléck sief erlaabt op déi nei Saison, wou eis Haarenekipp an der héchster Lëtzebuerger Liga spillt an dat traditionell Samschdes owes um hallwer 9. 600 Sätzplaze stinn zur Verfügung a fir Stëmmung ass ëmmer gesuergt, wa mir déi renomméiert Ekippen am Centre sportif begrëssen, resp et zum Lokalderby géint d'Fiels kënnt.

1.RV as den 5.Oktober 2013 um 20h30, wou de grouse Season Opening bevirsteet. Den aktuelle Champion vun Diddeleng as direkt en interessante Géigner.






Iwwert de Päischtweekend hat de BBC US Hiefenech op säin traditionellen Tournoi Jean Hetto agelueden, dëst fir déi 11. Oplag.

Optakt fir déi 12 Ekippen, déi an den Alterskategorien U16 an U18 ugetruede sinn, war Samschdes moies freih, wou op 2 Terrainen gläichzäiteg gespilt gouf. Sou munch interessante Mätsch tëschent de lëtzebuergereschen an den auslänneschen Ekippen war haart ëmkämpft, de néidegen FairPlay war awer ëmmer matt um Spillfeld. Insgesamt hunn bis elo Clubmannschaften aus 9 verschiddene europäesche Länner, dorënner e.a. Lettland an Groussbritannien, un deenen respektiven Editiounen vum Challenge Jean Hetto deelgeholl, deen als Erënnerung un e Pionéier vum Hiefenecher Basket gespilt gëtt. Déi eenzel Ekippen waren an de Jugendherberge vun den Nopeschgemengen ënnerbruecht a fir de Catering an der Hall selwer war et daat traditionellt Team ëm de Präsident Romain Seiler, watt fir dat leiwlegt Wuel vun de Spiller, Traineren, Arbitteren, Offizieller a mattgereeste Fans (jo et ware vill Hollänner matt de Rotterdammer Bouwen ënnerwee) beschtens gesuergt hunn.

Sportlech gesinn konnten eis USH-U18 Jongen den Turnéier knapp géint déi Diddelenger gewannen. Grad esou engk goung et an der Final vun der U16- Kategorie zou, wou d'Lëtzebuerger U16 Nationalekip de ganze Match vir louch géint déi renomméiert däitsch Sportsschoul vun Urspring, awer praktesch an allerleschter Sekonn duerch een 3Punkteworf sech net konnt an de Palmarès vun der 11. Editioun androen.

Elo schonns lafen d'Virbereedungen fir de Päischtweekend 2014 rëm internationale Basket am Jugendberäich zu Hiefenech kënnen ze spillen.



Homepage vum Turnéier matt Fotoen: <http://youthcup.usheffingen.lu/index.php>

Wanderung am 1. Mai mit Informationen zu Geologie und Archäologie



Die Wanderung der Kultur- und Umweltkommission am 1. Mai unter dem Motto „Heffingen und seine Geologie“ führte dieses Jahr über 50 Personen bei bestem Wetter vom Marscherwald durch das Tal der Schwarzen Ernz nach Heffingen. Nach einer Einführung von Herrn Jacques Krecké waren besondere Stationen für Alt und Jung die Kalktuffquellen und der Loschbour. Hier wurden von Frau Birgit Kausch (LEADER-Projekt „Geopark“) und von Herrn André Schöllen (MNHA - Centre national de recherche archéologique und Gemeinderatsmitglied) Interessantes über die Geologie und die Archäologie der Region berichtet: Die Entstehungsgeschichte des Heffinger Plateaus, die Eigenschaften des Luxemburger Sandsteins, Gründe für das besondere Vorkommen des Kalktuffs und der Fund der mittelsteinzeitlichen „ältesten Luxemburgerin“ wurden thematisiert. Die Veranstaltung klang bei einem gemütlichen Imbiss aus.





Trëppeltour 1te Mee


Fir den 1te Mee haten d'Ëmwelt- an d'Kulturkommissioun all d'Bierger aus der Gemeng invitéiert fir bei enger flotter Wanderung d'Geologie vun onser Regioun besser kennen ze léieren. D'Madame Birgit Tausch vun der Uni Tréier huet ons interessant d'Entstehung vun den lernzdäller, dem Loschbour an den Déiwelskralle erklärt. Natierlech hu mir wéi all Joer dono gutt gegrillt.





Autosegnung den 1te Mee

Wéi och schonns déi lescht Joer, hunn d'Pompjeeën den 1te Mee eng Mass organiséiert, mat uschléissender Autosegnung, wourun och nees vill Lait deelgehall hunn.





Visite zu Bréissel vum EU Parlament



D'Kommissioun vum drëtten Alter war vum Europadéputéierten Georges Bach op Bréissel invitéiert ginn. Hien huet eis en flotten Exposé iwwert di aktuell Arbechten ginn an eis de Werdegang erklärt.

Dono kruten mir am Parlament selwer een Mëttegiessen offréiert.

Et blouw nach Zäit fir och en Tour duerch d'Haaptstadt Bréissel ze man.



Mammendagsfeier am Cycle 1





Charity Run 2013



Bäi onsem nächsten Infoblat komme mir op dës flott Manifestatioun zeréck.



Journée du Grand-Age



Virun der Summervakanz hat d'Amperas op hir Journée du Grand-Age invitéiert.

Ungefangen huet dee flotten Dag mat enger Mass déi vum Dechen Felix Steichen zelebréiert gouf. Duerno war an der Hall een Éirewäin dee vun der Gemengeverwaltung offeréiert gouf.

Mëttegiessen war zu Bech am Restaurant Steinmetz, wou de Comité folgend Jubilaren fir hire Gebuertsdag geéiert huet.

Fir de 75.: Difino Toni, Neuman-Jacob Anita, Rach Marcel, Winckel-Biewer Régine, Di Giambattista Salvatore

Fir den 80.: Sins Fernand, Hellers Alphonse, Hellers Fernande

Fir den 85.: Weydert Victor

Als Cado hu se eng Corbeille mat regionale Produkter iwwereecht kritt.



Visite CIPA Houwald





Kommissioun vum 3. Alter hat eng Visite am CIPA um Houwald organiséiert.

Am CIPA si mir vun der Mme Marianne Brosius empfangen. Mir kruten d'ganzt Gebei gewiss a si huet eis d'Fonctionnement vum Haus erklärt.

Offschléissend huet Direktioun op eng Taass Kaffi mat engem Stéck Taart invitéiert, wou all Fro vun der Mme Brosius beäntwert gouf.



Soirée du défilé de mode





Randonnée Marc Schockmel

De 15te Juni hu Frënn a Sportskollege vum leider vill ze fréi verstuerwene Marc Schockmel eng Randonnée organiséiert, wou jiddereen, egal op Grouss oder Kleng deelhuele konnt. Et ware Strecke fir ze lafen, ze goen a fir mam Mountainbike ausgeschéldert ginn. Op all Streck war och ëmmer ee Guide mat ënnerwee. Alles war gratis (ee grouss Merci un d'Sponsoren), a jidderee war gäre bereet fir ee klengen Don fir Kriibskrank Kanner ze maachen.

(Fotografie vum Marcel Schroeder a Massimo Gherardi)





Pompjee's Fest





Reglementekongress FLTT

Fir déi éischte Kéier an der Geschicht vum Reilander Dëscht Tennis, hat dësen d'Éier fir de Reglementekongress vun der Lëtzebuurger Dëscht Tennis Federatioun bei ons an der Gemeng ofzehalen. Ronn 220 Leit hun un dësem Owend ugereegt iwwer déi nei Regeln diskutéiert





SOIREE PORTUGAISE





Gewënner vun onsem Concours

Aus der leschter Ausgab 2012:



Martine Meyer, Reiland. Stellvertriedend
hunn d'Kanner d'Corbeille ugeholl



Emma-Lena Reiland, Hiefenech



Jill Meyers, Hiefenech

Aus der éischter Ausgab 2013:



Grégory Knepper, Hiefenech



Jennifer Hoffmann, Hiefenech



Jean Müller, Hiefenech

All dës Gewënner hunn eng Corbeille mat
Produkter vun lokale Produzenten am Wert
vu 50€ gewonnen.

Vill Chance fir déi nächst Kandidaten.

Concours: Wie liest d'Informationsblatt??

1



2



3



Hei d'Äntwerten vum Concours aus der leschter Zeitung

Bild 1: Kannerfuesbal

Bild 2: Mëttesdësch am Club Senior Uelzechtdall

Bild 3: Schoulbusbegleeder

15 Äntwertschäiner hu mir erakritt, a bäi allen waren d'Fröen richtig beäntwert. Folgend 3 Gewënner si gezu ginn, Stéphanie Halsdorf, Fabrice Reiland an Tiffany Hoffmann Gewënner kréien eng Corbeille mat regionale Produkter am Wert vu ± 50.- €

Concours: Wie liest d'Informatiounsblat??


1



2



3



An dësem Informatiounsblat, hu mir e Concours mat der Fro: **Wie liest d'Informatiounsblat?** Wann Dir wësst zu wat fir engem Artikel déi Photoën gehéieren, da schreift d'Äntwert op de Coupon (oder Photocopie) a schéckt se bis spéitstens den 1. September 2013 op d'Gemeng.

✂-----

-Concours Informatiounsblat 2/2013

1. Photo.....

2. Photo.....

3. Photo.....

Numm:.....Virnumm:.....

Adress:.....L-.....



Regional Initiativ Möllerdall-RIM asbl.
30, route de Wasserbillig
L-6490 Echternach
Computerkurse - Workshop 2013

Computerkurse	Ort	Tag	Beginn	Uhrzeit
Digitale Bildbearbeitung Sie lernen die Überspielung von der Kamera auf den PC, sortieren der Bilder und bearbeiten, rote Augen entfernen usw. (8x2 St = 100€)	Berdorf	Mi	23.10.-18.12.2013	14:00-16:00
Excel 1 Tabellenkalkulation für Anfänger (8x2 St = 100€)	Beaufort	Mo	23.09.-18.11.2013	19:30-21:30
Excel 1 en portugais tableur pour débutants (8x2 hrs = 100€)	Echternach	Ma	24.09.-19.11.2013	20:00-22:00
Fotobuch Wir zeigen Ihnen wie man Fotos auf dem Computer in ein Buch einfach zusammenstellen kann 3x2 St= 50€	Berdorf	Di	01.10.-15.10.2013	14:00-16:00
Internet für Senioren Formulare online ausfüllen, Bücher bestellen, E-Mails schreiben usw. und wo Gefahren im Internet lauern (8x2 St = 100€)	Rosport	Di	01.10.-26.11.2013	14:00-16:00
Introduction PC 1 en portugais connaissances de base avec le PC (8x2 hrs = 100€)	Beaufort	Je	24.10.-19.12.2013	19:30-21:30
Powerpoint en portugais des conférences, présentations, publications de pression, Arranger les statistiques plus vivantes (3x2 St = 50€)	Beaufort	Mer	02.10.-16.10.2013	19:30-21:30
Powerpoint –Publisher Vorträge, Präsentationen, Druckpublikationen, Statistiken lebendiger gestalten (3x2 St = 50€)	Rosport	Do	10.10.-24.10.2013	14:00-16:00
Word 1 Textverarbeitung Anfänger (8x2 St = 100€)	Berdorf	Di	01.10.-26.11.2013	19:30-21:30
Word 1 en portugais traitement de texte pour débutants (8x2 hrs = 100€)	Echternach	Lu	07.10.-02.12.2013	20:00-22:00

Computer Workshop: 1 x 3 Stunden 30 Euro	Ort	Tag	Beginn	Uhrzeit
Amazon: Wie funktioniert Amazon, wie kauft und bezahlt man bei Amazon	Rosport Berdorf	Di Mo	22.10.2013 25.11.2013	14:00-17:00 14:00-17:00

Einschreibung / Inscription Denise Mischel

RIM asbl. / Bureau LEADER Echternach 30, route de Wasserbillig L-6490 Echternach

☎ 26 72 16 31 08:30-11:30 hrs - Fax: 26 72 16 32 Email: info@rim.lu www.mu.leader.lu

Überweisung/Virement: Regional Initiativ Möllerdall - RIM asbl. CCPL IBAN LU22 1111 2401 9826 0000

Die Kurse finden nur bei Erfüllung der Mindestteilnehmerzahl statt.

Les cours peuvent avoir lieu avec une nombre suffisant d'inscriptions.



Um das Angebot wohnortnaher Weiterbildungskurse besser auf die Bedürfnisse und Wünsche der lokalen Bevölkerung abstimmen zu können, ist es wichtig die aktuelle Nachfrage zu kennen. Aus diesem Grund bitten wir alle interessierten Bürger, uns Kurswünsche für ihre Region mitzuteilen. Füllen Sie einfach das folgende Formular aus und senden Sie es per E-mail (info@landakademie.lu), Fax (89 95 68-40) oder per Post (Landakademie, 23, an der Gaass, L-9150 Eschdorf) an uns zurück.

Bei ausreichender Nachfrage wird sich die Landakademie oder eine Ihrer Partnerorganisationen darum bemühen, einen solchen Kurs zu organisieren! Für weitere Vorschläge, Anregungen oder Informationen, können Sie sich auch gerne telefonisch unter der Nummer 89 95 68-23 an uns wenden!

Kurswunsch:

Thema:

Ortschaft:

Ich würde max. _____ km zurücklegen, um an dem gewünschten Kurs teilzunehmen.

Anmerkungen:

Bitte geben Sie auch Ihre Kontaktdaten an, damit wir Sie benachrichtigen können, wenn der von Ihnen gewünschte Kurs stattfindet.

Name:

Tel.:

E-mail:

Sommermonate im Foyer « Elise de Roebe » : Wasser ist Leben



„ Wasser,...du hast weder Geschmack, noch Farbe noch Aroma.

Man kann Dich nicht beschreiben.

Man schmeckt Dich ohne Dich zu kennen.

Es ist nicht so, dass man dich zum Leben braucht:

Du bist das Leben!“

(Antoine de Saint- Exupery, 1900-1944)

Im Laufe des Lebens verliert der Mensch das Durstgefühl, und somit trinken viele ältere Menschen zu wenig. Hinzu kommt, dass es mit zunehmendem Alter immer schwieriger wird die Blasenfunktion zu kontrollieren.

Deshalb müssen besonders ältere Menschen immer wieder daran erinnert werden, ausreichend Flüssigkeit zu sich zu nehmen und dies nicht nur bei großer Hitze.

Die Stiftung „Hëllef Doheem“ kurbelt alljährlich einen Aktionsplan an, um dem Mangel an Flüssigkeit vorzubeugen.

Im Foyer „ Elise de Roebe“ von der Stiftung „Hëllef Doheem“ in Larochette werden zusätzliche Maßnahmen ergriffen, um den erhöhten Flüssigkeitsbedarf gerecht zu werden.

Diese sind unter anderem: zusätzlich geplante Getränkevergaben, erfrischende Wasserumschläge, sowie Themenstunden über Wasser. Zudem werden im Rahmen von Aktivitäten Getränke attraktiver serviert wie z.B. Cocktailbar an der sich Jeder nach seinem Geschmack etwas aussuchen kann.

Foyer “Elise de Roebe”
35, chemin J.A. Zinnen
L-7626 Larochette

Für weitere Informationen:
T. 26 87 18-1
www.shd.lu

**Stiftung
HËLLEF
DOHEEM**
Mënschlech a kompetent

Un conflit
de voisinage?
**Pensez
à la médiation!**


Nachbarschafts-
streit?
**Denken Sie
an Mediation!**

Um conflito
entre vizinhos?
**A mediação pode
ser a solução!**

com.lu

SERVICE DE
MÉDIATION
SOCIALE
Numéro Vert:
8002 3883

SERVICE
GRATUIT - GRATIS!



Un **numéro gratuit** pour nous contacter | Eine **kostenlose Kontaktnummer**
Contacte-nos pelo n° de telefone gratuito:



8002 3883

- répondeur ou E-mail : mediation@mecasbl.lu
- Anrufbeantworter oder E-Mail: mediation@mecasbl.lu
- respondedor & mediation@mecasbl.lu

IMPRESSUM: Textes: MEC asbl – Illustrations: Roger Leiner
Mise en page: Ka Communications

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe
investit dans les zones rurales.
Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung des ländlichen
Raums: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete.



Mouvement pour l'Égalité des Chances a.s.b.l.
30, rue de Wasserbillig
L-6490 Echternach
Telefon 26 72 00 35
GSM: 621 66 92 12
aurelia.pattou@mecasbl.lu
www.mecasbl.lu



D'Jugend- a Sportskommissioun vun der Gemeng Hiefenech zesumme mat



**organiséieren den 21te September
fir zweet ee Sportsdag
fir all ons Awunner an hier Frënn**

14h00 Start vum Dëschttennis- a Basketballstournoi

16h00 Kampfsportdemonstratioun

**17h00 Éierung vun de verdëngschvolle Spiller aus onser Gemeng
uschléissend Éirewäin offréiert vun der Gemeng**

19h30 Déi éischt Championnatsmätcher vum DT Reiland



**Fir um Tournoi deelzehuelen, mell dech mat dengem Frënn,
egal op aal oder jongk als Equip vu 4 Memberen un.**

Jiddereen kritt e klengen Ererënnerungskado.

Den Entrée ass Fräi

Fir lessen an Drénken ass gesuergt